LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vun der Madamm Martine Hansen, Sportsministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 4106 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**1° Kann d'Madamm Ministesch bestätegen, datt den INAPS de Moment keng nei Konventioune mat Sportfederatiounen iwwer LUXQF-Formatiounen méi ofschléisst, a wann jo, säit wéini ass dat de Fall?**

**2° Wéi eng Rechtsgrondlag feelt konkret, an a wéi engem Text (Gesetz, groussherzoglecht Reglement, asw.) muss dës nei geschaaft oder ugepasst ginn, fir d'Ënnerschreiwe vun neie Konventiounen erëm méiglech ze maachen?**

**3° Wéi wäit sinn d'Aarbechten un dëser neier Rechtsgrondlag fortgeschratt, a kann d'Madamm Ministesch bestätegen, datt mat enger Frist vu ronn zwee Joer ze rechnen ass, ier dës a Kraaft trëtt? Wisou ass dëse Manktum net schonn am Kader vum Gesetz vum 1. August 2023 iwwer den INAPS antizipéiert ginn?**

Dat kann ech net bestätegen. Et gi weiderhi Konventioune mat de Sportsfederatiounen iwwer LUXQF-Formatiounen ofgeschloss.

**4° Wéivill Sportfederatiounen hunn säit dem Inkrafttriede vum INAPS-Gesetz eng Demande fir eng nei oder iwwerschaffte Konventioun beim INAPS gestallt, a wéivill vun dëse Demande konnten aus de virgenannte Grënn net akzeptéiert ginn?**

Et goufen 12 “Conventions de coopérations cadre “a 44 “Conventions de coopération spécifique” mat de Sportsfederatiounen säit dem 01.10.2023 ausgeschafft an ënnerschriwwen. Et gouf kee Refus wéinst de virdru genannte Grënn.

Ze notéieren ass, dass dës Konventiounen am « Règlement grand-ducal du 20 mai 2021 relatif à la détermination et à l'organisation des formations des cadres techniques et administratifs pour les différentes formes d'activités sportives » agefouert goufen an dass den INAPS Rahmenkooperatiounskonventiounen mat 25 Federatiounen ofgeschloss huet, déi en vigueur sinn.

Dëst groossherzoglecht Reglement ass am Moment an der Prozedur fir modifizéiert ze ginn an dat mam Haaptzil - no 5 Joer Erfarung - eng Simplification administrative ze erreechen. Ausserdeem viséiert d'Modifikatioun ee vereinfachten Accès fir d'Federatiounen an d'Kandidaten op d'LUXQF1 an d'LUXQF2 Formatiounen.

**5° Wéivill nei Formatiounsfilièren, respektiv LUXQF-Niveauen, kënnen aktuell aus dësem Grond net opgemaach ginn, an a wéi enge sportlechen Disziplinne mellt sech den dréngendste Besoin?**

Alleguer d'Formatiounsfilièren an d'LUXQF-Niveauen kënnen nach wie vor opgemaach ginn.

**6° Wat fir Iwwergangsléisungen huet d'Madamm Ministesch respektiv den INAPS virgesinn, fir et de betraffene Federatiounen ze erlaben, an dëser Iwwergangsphas hir technesch an administrativ Kadere weiderzebilden an hire konkreete Besoin u qualifizéierten Trainer ze decken?**

Wéi et aus deene virechten Äntwerten ervir geet, ass eng Iwwergangsléisung net néideg. Wéi et an de legalen Texter virgesinn ass, steet den INAPS de Federatiounen zur Verfügung fir déi gemeinsam Formatiounsoffer ofhängeg vun de Besoinen vum Terrain ze definéieren an ëmzesetzen.

**7° Wei ass des Blockéierung mat der ëffentlecher Kommunikatioun an der Ziilsetzung vum Conzept- Cadre "Long Term Coach Development" (LTCD), deen den INAPS de 21. Oktober 2025 presentéiert huet, ze vereinbaren, wëssend datt dëse Kader explizit d'Integratioun vum LTCD an d' LUXQF-Formatiounen virgesäit?**

Et gëtt wéi gesot keng Blockéierung. D'LTCD-Rahmenkonzept huet dat iwwergeuerdnet Zil, d'Fundament fir d'Unerkennung vum Trainer als agéierend Schlësselpersoun fir eng nohalteg Entwécklung vun enger aktiver a gesonder Gesellschaft, an domat senger gesellschaftlecher Bedeitung ze leeën. Mam Hannergrond, dass den Trainer villfältegen an sech steeteg weiderentwéckelden Ufuerderungen ausgesat ass, weist d'LTCD-Rahmenkonzept méiglech Entwécklungsweeër a -Formater (formaalt, non-formaalt an informellt Léieren) op, déi zesummen dozou bäidroen, d'Kompetenzen vum Trainer ze entwéckelen. Dëst ass eng wichteg Grondlag fir d'Weiderentwécklung vun der INAPS-Formatiounsoffer.

**8° Wat fir Konsequenzen huet dës Situatioun fir d'Persounen, déi am Kader vun deene betraffene Federatioune geplangt haten, eng LUXQF-Formatioun unzefänken? Gëtt et fir dës Persounen Alternativen, zum Beispill iwwer d'Homologatioun vu Formatiounen, déi am Ausland verfollegt ginn?**

Et gëtt wéi gesot kee Blocage fir d'Kandidaten. Doriwwer eraus huet all Kandidat ëmmer d'Méiglechkeet eng zertifizéierend Formatioun am Ausland ze maachen an eng Homologatioun vu sengem Diplom beim INAPS unzefroen. Zousätzlech zu sengem Recht eng Homologatiounsufro ze maachen, kann de Kandidat, ënnert der Konditiounen, dass hien d'Dispositiounen aus de legalen Texter respektéiert bis zu 80%

vun de Formatiounskäschten bis zu engem Deckel vun aktuell 2904,12€ (indexéiert) vum INAPS rembourséiert kréien.

**9° Plangt d'Regierung, déi vun dëser Situatioun betraffe Federatiounen finanziell oder operationell ze ënnerstëtzen, zum Beispill iwwer ugepasste Subsiden oder spezifesch Begleetmoossnamen?**

D'Federatioune kënnen zu all Moment Kontakt mam INAPS ophuele fir Léisungen zu den Erausfuerderungen, deene si begéinen, ze fannen.

**10° Wann eng nei Rechtsgrondlag tatsächlech eréischt an zwee Joer ëmgesat gëtt: wéi gedenkt d'Madamm Ministesch sécherzestellen, datt d'Qualitéit, d'Kontinuitéit an d'Diversitéit vum sportlechen Encadrement an deene betraffene Disziplinnen iwwer dës Period vun zwee Joer erhale bleift, an datt Lëtzebuerg net Réckstand par rapport zum internationale Sportsentwécklungsstandard kritt?**

Wéi uewe gesot, viséiert d'Modifikatioun vum groussherzoglechen Reglement eng Simplification administrative an ee vereinfachten Accès op d'Formatiounen. Entre-temps steet den INAPS de Federatiounen mat Rot an Dot zur Säit fir déi aktuell gülteg Rechtsgrondlag ëmzesetzen.

**Lëtzebuerg, den 17. Juni 2026**
D'Sportsministesch
(s.) Martine Hansen